



SAMMELT FIR DE GUDDEN ZWECK

CHRISTMAS

CHARITY DEEG

2020



9. - 18.

DEZ.

CONTESTS

DRESSCODE
CHRËSCHTBEEMERCHER

CHRËSCHTSTËMMUNG AM LGE
AM KADER VUM CHARITY DAY 2020



Léif Kolleeginnen, léif Kolleegen,
Léif Schüerinnen, léif Schüer,

Och wann de Chrëschtmoart dëst Joer net wéi gewinnt duerf ofgehale ginn, soll et am LGE net u Chrëschtstëmmung feelen. Dofir hu mir eis verschidden Aktivitéiten afale gelooss, déi vum **9. bis den 18. Dezember 2020**, am Kader vum Charity Day stattfanne sollen. Den Erléis gëtt un eng Associatioun gespent. Nieft de Beemercher*, déi d'Klassen dekoréiere kënnen, gëtt och un zwee Deeg en Dresscode festgeluecht. Béid Aktivitéite wäerten a Form vun engem Contest ofgehale ginn, bei deem jeeweils de Gewënner mat engem Präis belount gëtt. Zousätzlech ginn de Kleeschen a säi Gesell duerch d'Klassen, fir de Schüer eng Klenggeheet auszedeele. Loosst se och an dëser méi spezieller Zäit net virun der Dier stoen. Déi sanitär Reegele wäerten agehale kënnen ginn.

Beim éischte Contest sollen d'Proffen ewéi d'Schüer mat Hëllef vu Spende fir de schéinste Chrëschtbeemchen ofstëmmen. Heifir steet vum 9. bis de 16. Dezember eng Këscht an der Konferenz an am Büro vun de Sportsproffe bereet, an déi dir eng beschrëften Enveloppe mat de Sue kënt ageheien. Dee Beemchen, deen déi meeschte Spende kritt huet, gëtt Donneschdes, de 17. Dezember iwwert de Schierm verkënnegt. All Spend ass wëllkomm an et ass kee Mindestmontant gesat.

Den zweete Contest gëtt jeeweils freides, um leschte Schouldag vun den A/B-Gruppen, ofgehale. Fir d'Chrëschtstëmmung nach méi present ze maachen, ass en Dresscode festgeluecht (rout/gréng Accessoires, Kleeserchersmutzen, etc). De/déi best-dressed-Schüler/Professor/Grupp/Klass gëtt vum Schülercomité erausgesicht an de Gewënner gëtt dee selwechten Dag iwwert de Schierm verkënnegt.

An deem Sënn wënsche mir eng schéi Chrëschtzäit


*Umeldungsfiche u folgend E-mail schécken: lynn.jankowski@education.lu





Den LGE a Chrëschtstëmmung vum 9. bis den 18. Dezember 2020

Programm

Vum 9. bis de 16. Dezember:

-  Dekoratioun vun de Chrëschtbeemercher*


Freiden, den 11. Dezember:

-  Dresscode „X-mas“ fir de Grupp A (+cycle inf.)
(gréng/rout Accessoires, Kleeserchersmutzen, etc.)
-  Kleeserchersfeier vun de Premièren (9h00-12h00)


Dënschden, de 15. Dezember:

-  Kleeserchersfeier vun de Premièren (9h00-12h00)


Mëttwoch, de 16. Dezember:

-  Schluss vun der Ofstëmmung (12h00)
(Chrëschtbeemercher)

Donneschden, de 17. Dezember:

-  Verkënnegung vum Gewënner vum
„Chrëschtbeemerchers-Contest“

Freiden, den 18. Dezember:

-  Dresscode „X-mas“ fir de Grupp B (+cycle inf.)
(gréng/rout Accessoires, Kleeserchersmutzen, etc.)

Mir wënsche vill Freed beim Dekoréieren an Ofstëmmen!



Zousätzlech Informatiounen fir d'Umeldungsfiche:

All Klass/Grupp/Schüler, déi/dee sech um Chrëschtbeemerchers-Contest wëll bedeelegen, ass gebieden e Responsabelen erauszesichen, dee si beim Rëschte vum Beemche begleet. Ob dat an der Schoulzäit oder ausserhalb vum Cours geschitt, sollen d'Schüler mam Responsabele klären. Nodeems de Responsabelen d'Umeldungsfiche u folgend E-mail lynn.jankowski@education.lu weidergeschéckt huet, kritt deen d'Nummer vum Beemche geschéckt, dee si rëschte sollen.

Wat méi fréi gerëscht gëtt, wat d'Chance méi grouss ass, dass vill Schüler an Enseignanten d'Beemercher gesinn an dofir ofstëmmen. D'Schüler kënnen entweder kreativ ginn a selwer eppes bastelen, fir de Beemchen ze dekoréieren oder si bréngen eppes vun doheem mat, wat hinne besonnesch gefält. De Gewënner gëtt en Donneschden, de 17. Dezember iwwert de Schierm verkënnegt a ka sech de Präis an d'Schülersekretariat ofhuele goen.

Falls nach Froe sinn, zéckt net dem Claudine Bley oder dem Lynn Jankowski iwwer Teams ze schreiwen oder eng E-mail u claudine.bley@education.lu oder lynn.jankowski@education.lu ze schécken.

Villmools Merci am Viraus fir d'Engagement beim Charity Day



Umeldungsfiche fir de Chrëschtbeemerchers-Contest*
(vum 9. bis de 16. Dezember)

Klass/Optioun/Fach: _____

Responsabelen: _____

Datum, wéini de Beemche
gerëscht gëtt: _____

Numm/Virumm vun de Schüler, déi sech um Contest bedeelegen:

Numm:	Virumm:

*Umeldungsfiche u folgend E-mail schécken: lynn.jankowski@education.lu